N°4566
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 4566 vum 3. August 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom WEIDIG.**

1. **Firwat hutt Dir Här Premierminister am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung dësen oppene Bréif vun 22 EU-Länner net mat ënnerschriwwen an déi domat verbonne Fuerderungen net matgedroen?**

   D'Sécherheet vun den EU-Baussegrenze ass eng gemeinsam europäesch Responsabilitéit. Lëtzebuerg huet de Bréif bewosst net mat ënnerschriwwen, well d'Kritik u Spuenien an dësem Fall net justifiéiert war. Spuenien huet seng Responsabilitéit iwwerholl an d'EU-Baussegrenz ofgeséchert, esou wéi dat an den europäesche Reegele virgesinn ass. An dësem Kontext ass et wichteg ze präziséieren, datt Ceuta zwar zum spueneschen Territoire gehéiert, awer net Deel vum Schengenraum ass. Lëtzebuerg huet dem spuenesche Premierminister Pedro Sánchez seng Solidaritéit ausgedréckt an sech zesumme mat Frankräich, Portugal an Irland hannert Spuenien an de Schengeraum gestallt.

2. **Riskéiert Lëtzebuerg net, sech op engem Kärthema an Europa politesch ze isoléieren?**

   Nee, Lëtzebuerg riskéiert net sech bei dësem Thema an Europa politesch ze isoléieren.
   Bei der informeller Reunioun vun den Inneministeren de 4$^{ten}$ August huet Spuenien Lëtzebuerg, Frankräich, Portugal an der irescher Rotspresidentschaft fir hir Solidaritéit Merci gesot. Wärend den Diskussiounen huet jiddwer Memberstaat Spuenien seng Solidaritéit assuréiert. Déi Messagen déi virum Sommet verbreet goufe si vu verschidde Memberstaate relativiséiert ginn. Lëtzebuerg ass deemno net isoléiert, Lëtzebuerg steet fir staark Baussegrenzen an e staarke Schengenraum.

   D'Lëtzebuerger Positioun erkläert sech net duerch politesch Taktik, mee duerch politesch Iwwerzeegungen. Migratioun a virun allem de Schutz vun den europäesche Baussegrenzen kënnen net vun eenzele Memberstaate eleng geléist ginn. Et ass eng gemeinsam europäesch Responsabilitéit. Mir brauchen e konsequente Kampf géint Mënscheschmuggler, gemeinsam geschützte Baussegrenzen, an eng enk Zesummenaarbecht mat Drëttstaaten.

   Fir Lëtzebuerg ass Schengen eng fundamental europäesch Errungenschaft, déi mir erhale wëllen. Oppe Grenzen innerhalb vum Schengenraum sinn Ausdrock vun europäescher Solidaritéit an engem Zesummenheetsgefill tëscht de Länner a Leit an der Europäescher Unioun.

3. **Ass Äre Refus net kontradiktoresch zu den Aussoe vum Här Inneminister Gloden, datt Lëtzebuerg hannert de verschäerfte Moossnamen zur Asyl- a Migratiounsprozedur steet, déi de 17. Juni 2026 am Europaparlament gestëmmt gi sinn?**

   Nee. De 17te Juni huet d'Europaparlament keng Asyl- oder Migratiounsprozedur gestëmmt, mee dat neit Reckféirungsrèglement. Dëst ass elo an der Finalisatioun, an domat nach net applikabel.

Eng effikass Kontroll vun den EU-Baussegrenzen ass eng Viraussetzung dofir, datt de Schengenraum funktionéiert. Dofir ënnerstëtzt Lëtzebuerg déi verschäerfte Moossnamen, déi rezent um EU-Niveau decidéiert gi sinn.

4. **Mengt Dir net, datt déi falsch politesch Signaler vun der spuenescher Regierung betreffend d'Regulariséierung vu bal 1,2 Millioune Migranten an den noweislech schwaache Grenzschutz zu Ceuta mat derzou bäigedroen hunn, datt sech Mënschen Hoffnunge gemaach hunn an duerfir hiert Liewen op d'Spill gesat hunn. Et si bis elo op d'mannst 72 Leit ëmkomm.**

De Lien deen den honorabelen Deputéierten tëschent der Decisioun vun der spuenescher Regierung an den Evenementer zu Ceuta zitt ass reng hypotheetesch. D'Decisioun zu enger Regularisatioun ass eng spuenesch Ugeleeënheet, déi net vun der Lëtzebuerger Regierung ze kommentéieren ass. Faktuell huet Spuenien d'Regularisatioun vu 500.000 Leit annoncéiert an et sinn 1,2 Milliounen Demanden deposéiert ginn. Et gouf annoncéiert dass, fir regulariséiert ze ginn, een huet noweise missen, datt ee virum 1. Januar 2026 schonn a Spuenien war an eng Mindestopenthaltsdauer erfëllt huet. Een, deen Enn Juli 2026 iwwer Ceuta erakomm wier, hätt also net kënnen duerch dës Regulariséierung legaliséiert ginn.

Spuenien huet seng Baussegrenz geschützt an domat seng Responsabilitéit iwwerholl, esou wéi dat an den europäesche Reegele virgesinn ass. D'Lëtzebuerger Regierung mécht kéng generell Regulariséierung.

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN